N°4165
Reçue le 21/05/2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 21-05-2021

**Objet : Question parlementaire n°4165 du 27 avril 2021 de Monsieur le Député Léon Gloden concernant la sécurité des commissariats**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4165 vum 27. Abrëll 2021 vum honorabelen Députéierten Léon Gloden**

Zënter e puer Joer huet d'Police eng Guideline opgestallt, wéi all hir Gebaier geplangt a gebaut solle sinn. An dëser Guideline ass och de Sécherheetsdispositif matintegréiert.

Dë Sécherheetsdispositif ass ronderëm déi folgend Punkten opgebaut:

Perimeter: Ofsécherung vum Gebai duerch Abrochschutz an Alarmanlag;

Contrôle Accès: Zougangskontroll duerch e gesécherten Sas d'entrée fir Visiteuren an duerch Accèskontroll fir d'Personal vun der Police, mat och separater Agangsméiglechkeet;

Zonen-Trennung: Physesch Trennung tëscht Zone restreinte Police a Zone publique.

Visiteure ginn awer net systematesch op Waffe kontrolléiert. Eng Fouille vu Persounen gëtt just a Situatioune duerchgefouert, wou de legale Kader dat erlaabt.

Dës Mesure gi systematesch bei neie Gebaier ëmgesat, an déi méi eeler Gebaier ginn no a no ëmgebaut. Leider ass et nach net iwwerall ëmgesat an et wäert bei verschiddenen eelere Gebaier och net méiglech sinn alles esou ëmzesetzen.

Bei der polizeilecher Aarbecht kënnt et leider vir, dass Persoune randaléieren oder rebelléieren, souwuel ausserhalb, wéi och innerhalb vun de polizeileche Gebaier. Déi opgefouert Mesure ginn nie eng Garantie, dass näischt ka geschéien. D'Poliziste sinn dofir ausgebild, fir och an de Gebailechkeeten op hir Eegesécherung opzepassen. Op alle Fall droen déi Sécherheetsmesuren awer dem Risque vun der Aarbecht Rechnung an erhéijen de Schutz vun de Beamten am Police-Gebai ganz beträchtlech. Iwwert Rébelliounen eraus ass kee Fall bekannt, deen eng reegelrecht Attaque géif duerstellen.